

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„D'Aarbechtsmedezin spillt eng wichteg Roll an der Präventioun vu beruffsbedéngte Krankheeten. Am Koalitiounsprogramm gëtt präziséiert, datt an Zukunft d'Missioun vum Aarbechtsmedeziner méi kloer definéiert musse ginn, grad virum Hannergrond vun enger Penurie un Dokteren an deem Beräich.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung folgend Froe stellen:

- 1. Wéi vill Aarbechtsmedeziner schaffen zur Zäit hei am Land? Wéi vill vun hinnen hunn d'Lëtzebuenger Nationalitéit? Wéi gesäit d'Altersstruktur vun dësem Beruffsstand aus?*
- 2. Wéi vill Aarbechtsmedeziner ginn déi nächst Jore gesicht fir d'Ofgäng an d'Pensioun ze kompenséieren a fir dem wuessenden Aarbechtsmaart gerecht ze ginn? Ass mat enger weiderer Verstärkung vun der Penurie un Aarbechtsmedeziner ze rechnen?*
- 3. Wéi kéint, graff ëmmiss, eng Moderniséierung vun der Aarbechtsmedezin a punkto Struktur a Fonctionnement ausgesinn?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Carole HARTMANN
Deputéiert